N°8350
Entrée le 02.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Justizministesch Sam TANSON a vum Här Minister fir bannenzeg Sécherheet Henri KOX an zu der parlamentarescher Fro n°8350 vum 26. September 2023 vum honorabelen Deputéierten Sven CLEMENT iwwer dat geplangten EU-Reglement vun der Kommissioun fir géint sexuell Gewalt géint Kanner am Internet virzegoen**

**1. Koum de Regierungsrot effektiv de 15.09 zesummen, fir sech mat der Fro vun der Chatcontroll ze befaassen?**

D'Justizministesch huet effektiv am Regierungsrot vum 15.09 de Regierungsrot iwwer den aktuellen Stand vum EU-Reglement **vun der Kommissioun fir géint sexuell Gewalt géint Kanner am Internet virzegoen** informéiert.

**2. Wéi eng Positioun vertrëtt d'Regierung aktuell an dësem Dossier? Ënnerstëtzt Lëtzebuerg déi aktuell EU-Propose oder gi konkret Ännerunge proposéiert?**

**Falls jo, ëm wéi eng Ännerungen handelt et sech?**

D'Regierung kann dat geplangte Reglement a senger aktueller Mouture net mat droen a wäert sech weider fir Modifikatioune vum Text asetze fir dass en Equiliber tëschent de verschiddene Grondrechter garantéiert ass.

An deem Kontext hat, wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°7956 erwäänt, de Justizministère mat de Justizministeren aus Däitschland, Éisträich, Liechtenstein an der Schwäiz eng Deklaratioun ënnerschriwwen, an der d'Wichtegkeet vun der Noutwennegkeet an der Proportionalitéit vum Agrëff an d'Mënscherechter an de Bedarf u Prezisioun am Text ënnerstrach ass.

Esou wéi et de Service juridique vum EU-Conseil a sengem Avis vum bezüglech der Legalitéit vun der sougenannter "Chatkontroll" recommandéiert, setzt sech d'Regierung fir eng méi cibléiert Detektioun vu pedopornographeschem Material a Grooming an, fir eng generell Iwwerwaachung ze vermeiden.

**3. Weess d'Regierung mëttlerweil wéi ee Vertrieder fir Lëtzebuerg am Rot ofstëmme wäert?**

Vu dass dat geplangte Reglement vun der Dagesuerdnung vum Rot vum 28. September erofgeholl ginn ass, well och aner Memberstaaten den Text aktuell net mat droe kënnen, läit nach keng Decisioun an deem Sënn vir.

Lëtzebuerg, den 2 Oktober 2023.

D'Justizministesch

(s.) Sam Tanson